association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 28.11.18

Bewäertungssystem iwwert de Knéi gebrach

Léif Memberen,

Wéi dir villäicht matkritt hutt ass de Bewäertungssystem, wéi en am Moment ofgelaf ass, op Äis geluecht ginn. Dat schreift elo d´Féduse sech op de Fändel.

Der APESS war dat scho virun der Allerhellgevakanz opgefall, well Kollegen mat 20 Joer Nominatioun convoquéiert gi sinn, déi awer Fin de carrière waren. An dat ass laut dem Artikel 4bis (dee festleet wéini Bewäertungsgespréicher stattfannen) net méiglech.

Et muss ee ganz kloer soen, datt wa mir den 2.11.18 kee Communiqué eraus ginn hätten déi ganz Problematik net un d'Rulle komm wär.

Mat hirem Communiqué vum 5.11.18 huet d'Féduse bewisen, datt si woussten, datt Kollegen convoquéiert gi sinn, déi net vum Gesetz betraff sinn. Si hunn an hirem Communiqué de Gesetzestext zitéiert deen ugëtt, wien misst convoquéiert ginn. An trotzdeem hu si de Kollegen wäermstens un d´Häerz geluecht an déi Gespréicher ze goen, wou d'Kritären (12 an 20 Joer Nominatioun) just op engem "Béierdeckel" stoungen a guer keng rechtlech Grondlag haten.

Wann elo déi Kollegen geruff ginn, déi 2 Échelonen no 10 Joer Nominatioun kréien an déi déi an den Échelon 14 kommen, da wëlle mir nach eng Kéier dorobber hiweisen, datt et eis Iwwerzeegung ass, datt den Artikel 41 iwwert d'Dispositions transitoires fir all Staatsbeamte gëllt, also och fir d'Enseignanten. Dat gëtt och vun eisem Avis juridique bestätegt.

Dat Argument vun der Féduse, datt d'Karriär vun deene Kollegen, déi schonns virum 1.10.15 am Déngscht waren, sech net geännert huet (well se net an d'A1-Karriär ëmklasséiert ginn), ass net richteg. Aus der E7-Karriär ass eng Karriär E7 transitoire gemaach ginn. Den Ënnerscheed ass, datt an der E7 transitoire-Karriär d´Formation continue (12 an 30 Deeg) an de Bewäertungssystem agefouert gi sinn. An déi Ännerungen si vum Gesetz vum 25.3.15 virgeholl ginn. An deem Gesetz ass awer eng Période transitoire fir all Staatsbeamten agebaut ginn, déi virum 1.10.15 agestallt gi sinn. Dofir hu mir och eng Période transitoire vu 5 Joer ze gutt. Wa net da wär dat eng Diskriminatioun. Wann d´Féduse mengt d'Enseignanten hätten déi Période transitoire net ze gutt (als eenzeg beim Staat), kënne si jo en Avis juridique virleeën deen dat ausseet.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Wat bedeit déi Période transitoire?

Dat wat am Art. 41 wichteg ass, ass dësen Abschnitt:
"...peuvent bénéficier pendant une période transitoire de cinq ans, à partir de l'entrée en vigueur de la présente loi, au maximum de deux avancements en grade, avancements en traitement ou promotions, d'après les anciennes dispositions d'avancement, lorsque celles-ci s'avèrent plus favorables. Il en est de même pour les anciennes carrières planes ayant connu exclusivement des avancements fixes après un nombre déterminé d'années."

Bei eis sinn déi "anciennes dispositions d´avancement" eben déi vun der "aler" E7-Karriär ouni d'Formation continue vun 12 an 30 Deeg an och ouni Bewäertungssystem.
Aus dësem Grond schléissen mir eis der Meenung vum CGPO un, deen a sengem Guide schreift:
"L'entretien d'appréciation n'est pas obligatoire pour les fonctionnaires qui pendant la période transitoire de 5 années (1er octobre 2015 au 1er octobre 2020) peuvent encore avancer selon les anciennes conditions, c'est-à-dire selon les modalités reprises à l'article 41 de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État."
A genau esou versti mir och den Art. 41 vum Gesetz vum 25.3.15.

Mir wëllen drun erënneren, datt et d'CGFP war, déi eis de ganzen Bewäertungssystem agebrockt huet an déi sech elo dofir asetzt fir datt en erëm ofgeschaaft gëtt. Dat war och schonn bei der 80/80/90-Reegelung fir d'Stagiairen esou.

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426